N° 6600
Entrée le 03.08.2022
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 04.08.2022

Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen

President vun der Deputéiertechamber

19, um Krautmaart

L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 3. August 2022

Här President,

esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un den Här Energieminister weiderzeleeden.

Sou wéi et mir zougedroe gouf, sollen déi zwou CNG-Gas-Tankstellen iwwert déi Lëtzebuerg aktuell verfüügt, hir Zerwisser am Oktober 2022, respektiv am Mäerz 2023 astellen.

An deem Zesummenhang géif ech dem Här Energieminister gär dës Fro stellen:

1) Kann den Här Minister dëse Virgang bestätegen? Falls jo, kann den Här Minister matdeelen op vum Mäerz 2023 un eng Alternativ geplangt ass, fir zu Lëtzebuerg CNG-Gas kënnen ze tanken?

Mat déiwem Respekt,

Fred Keup
Deputéierten

N° 6600
Entrée le 21.09.2022

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Énergie et de
l'Aménagement du territoire

Département de l'énergie

Äntwert vum Här Minister fir Energie, Claude Turmes, op d'parlamentaresch Fro n°6600 vum 10. August 2022 vun dem éierewäerten Deputéierten Fred Keup iwwert CNG-Gas-Tankstellen

Kann den Här Minister dëse Virgang bestätegen? Falls jo, kann den Här Ministermatdeelen op vum Mäerz 2023 un eng Alternativ geplangt ass, fir zu Lëtzebuerg CNG-Gas kënnen ze tanken?

Virun iwwer 20 Joer war de politesche Wëllen do fir den CNG als alternative Carburant zu Lëtzebuerg ze positionéieren an ze promovéieren. Den Erdgasfournisseur SOTEG, deen tëschenzäitlech am Grupp Encevo opgaangen ass, huet deemools d'Initiative geholl fir en Rei CNG-Gas-Tankstellen wëllen opzebauen. Dës Initiativ war op fir all interesséiert Tankstellebedreiwer. Allerdéngs war deemools just ARAL interesséiert, sou dass d'CNG-Tankstellen exklusiv op ARAL Standuerten entstane sinn. An der Héichzäit waren 6 CNG-Tankstellen ënner der Marque ARAL fir den Client disponibel.

Trotz villen Initiativen a Beméiungen louchen d'inländesch kumuléiert Immatrikulatiounen ëmmer ënner 400 Gefierer, an war domadder zu kenger Zäit fir déi bedeelecht Betriber ekonomesch profitabel.

Do dernieft ass zanter 2016 politesch den Akzent méi a méi op d'Elektromobilitéit a manner op den CNG geluecht ginn fir domatter méi séier CO2-Reduktiounen am Transportberäich ze erreechen. Déi bis dohinner niddereg Immatrikulatiounszuelen vu CNG-Gefirer gekoppelt mat der neier Ausriichtung vun den alternativen Carburanten huet bei de Bedreiwer vun den CNG-Tankstellen zu der Décisioun gefouert d'Unzuel vun den Tankstellen graduell ob Null ze fueren, wat zanter 2018 ëmgesat ginn ass. Dëst ass vun de Bedreiwer och an engem Pressecommuniquéen vun 2018 matgedeelt ginn, an deem d'Fermeture och vun de leschten zwou Tankstellen schonns annoncéiert gi war.

Zanter e puer Méint informéiert ARAL seng CNG-Clienten direkt ob deenen zwou Tankstellen datt d'CNG-Tankstell Findel am Oktober 2022 an d'CNG-Tankstell Märel am Mäerz 2023 wäerten zou goen. Duerno wäert keng ëffentlech zougänglech CNG-Tankstell méi zu Lëtzebuerg a Betrib sinn.

Lëtzebuerg, de 21. September 2022
(s.) Claude Turmes
Minister fir Energie